# Titel : spirituell Wanderung: Guiden-/Scoutsgesetz

**Branche:** CaraPio, RaRo
**Zäit:** +- 4 Stonnen **(**1 Stonn fier di verschidde Statiounen + 2-3 Stonne fier de Wee derzwëschen)
**Plaz:** an der Stad (cf Plang mam Wee) oder e selwer gewielte Wee vu (6-10km)
**Persounen:** maximum 10 (aktuell Covid Regel, soss bis 20)
**Typ:** COVID-Konform, Sortie, Spirituelles

## Material

- Pro Kandidat Bic an eng Tabell mat Gesetz a konkrete Beispiller, déi zougeuerdnen solle ginn
- Pro Grupp 10 faarweg Kartonstráifen, 10 Wäscheklammeren mat den Zuelen 1-10
- Text vum Verspriechen, Fändel, Badge Verspriechen, ... (a wat nach fier d'Feier gebraucht gëtt, zB iessen a Gedrenks)

## Erklärung/ Beschreiwung

Mer maachen eis a klenge Gruppen vun 3-5 CaraPio op e Wee vun (6-10km).

Um Wee maache mer 6 Pausen mat all Kéier enger spiritueller Aufgab. Der kritt och Impulser fier um Wee ze iwwerleen oder zesummen ze beschwätzen.

Dobäi beschäftege mer eis mam Guide-Scoutsgesetz. Dëst gouf vum Baden Powell, dem Grënner vun de Scouten, selwer geschriwwen, virun méi wéi 100 Joer.

Als Ofschloss, maachen déi, di derzou bereet sinn, hiert Verspriechen.

## Ënnerlagen

- Genauen Oflaf mat der Beschreiwung vun de Statiounen fier d'(e) Chef(taine)
- Vierlag Guide-/Scoutsgesetz mat konkrete Beispiller
- Text vum Verspriechen

# OFLAF

**<u>Départ:</u>**

Mer maachen eis elo a klenge Gruppen vun 3-5 CaraPio op e Wee vun (6-10km). Um Wee maache mer 6 Pausen mat all Kéier enger spiritueller Aufgab. Der kritt och Impulser fier um Wee ze iwwerleen oder zesummen ze beschwätzen.

Dobäi beschäftege mer eis mam Guide-Scoutsgesetz. Dëst gouf vum Baden Powell, dem Grënner vun de Scouten, selwer geschriwwen, virun méi wéi 100 Joer a mat der Zäit an vill Sproochen iwwersat un di aktuell Sprooch ugepasst..

Aufgab fier um Wee:

- Während dem 1.Deel vum Wee, sollt der iech iwwerleen, wéieng Regelen der bei de Guiden a Scouten kennegeléiert hutt, fier gut zesummen eens ze ginn
- Diskutéiert zesummen, wéieng der als sënnvoll erliewt hutt, wéieng éischter net? Firwat?
- Op der 1.Statioun, werte mer austauschen, wat di eenzel Gruppe erschafft hunn

**<u>1.Statioun:</u>**

- Oofwiesselnd nennt all Grupp 1 Regel, déi hinnen agefall ass, a wat si dovun halen
- Di aner soen, ob si déi och haten a wat si dozou wichteg fannen
- Elo kritt all Participant eng Tabell mam Guide-/Scoutsgesetz a Beispiller vu konkrete Situatiounen
- Jidfereen sicht sech 2-3 Situatiounen, iwwert déi e besonnesch nodenke wëll

Aufgab fier um Wee:

- Probéiert 10 Min ouni ze schwätzen, just fier iech selwer ze decidéieren wéi een Abschnitt vum Gesetz bei de verschiddenen Situatiounen zum Asaz kënnt (schreiwt di passend Zuel an d’Këscht virum Beispill) a wéi een da soll reagéieren fier et ze respektéieren
- Dono kënnt der är Ideen austauschen



E grousse Merci un eis Sponsoren

Lëtzebuerger Guiden a Scouten EAS

**2. Statioun:**

Austausch:

War der iech eens wéi e soll reagéieren oder hat der ganz ënnerschiddlech Proposen?

War eng Situatioun derbäi, déi iech besonnesch schwiereg erschingt huet? Iwert déi der mat engem anere Grupp, de(r) Chef(taine) wëllt diskutéieren?

Aufgab fier um Wee:

- Elo sollt der iech selwer anere Situatiounen a méiglech Reaktiounen ausdenken
- Gitt zu 2 an 2 a beschwätzt wat iech afällt, di eng fier Beispiller 1-5 , di aner fier 6-10

**3.Statioun:**

- All Grupp kritt 10 faarweg Kartonsträifen (pro Grupp eng aner Faarw) an Wäscheklammeren vun 1-10 nummeréiert
- Da gëtt opgeschriwwen,– eng Kaart pro Punkt vum Gesetz (mat de Klammeren nummeréieren, net op der Kaart!) - mindestens 1 Propose, et daarfen der och méi sinn
- Wann all Grupp färdeg ass, stéckele se hier Kaarten an tauschen se mat engem anere Grupp
- All Participant kritt 2-3 Kaarten

Aufgab fier um Wee:

- Liest d'Beispiller – zu wéinegem Punkt vum Gesetz kinnt dat passen?

**4.Statioun:**

- Lo huet all Grupp eng Serie Beispiller vun enger anerer Grupp. Si sollen se nees dem entspriechenende Gesetz zougeuerdnet ginn a mat der Klammer mat der Nummer markéiert ginn.
- Da gëtt nach eemol zesumme gekuckt, ass dat wat mer och haten? Si mer mat hinnen d'accord? Ass alles verständlech?

***Austausch am grousse Grupp: (10min)***



E grousse Merci un eis Sponsoren lalux VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

- Wou war der iech eens?
- Wou waart der net mam aneren Grupp d'accord oder hutt Froen zu hieren Aussoen?

Aufgab fier um Wee: (den offizielle Verspriechenstext och matginn)

- Elo kuckt jidfereen sech nach eemol di eenzel Punkten un: wat halen ech meechtens an? Wat ass mi schwéier?
- Ass eppes derbäi, wat ech a main Verspriechenstext wëll abauen an am nächste Joer méi bewosst oppassen, dat anzehalen?
- Da lies den offiziellen Text vum Verspriechen duerch.
- Wéi passen ech den Text fier mech a mäi Liewen un?

**6.Statioun:**

Ausstausch an de Gruppen:

- Ass dëst Gesetz fier dech ustriewenswert oder sinn do och Punkte, wous du sees, dat kann/wëll ech net anhalen/ustriewen? As net méi zäitgeméiss?
- Ass dat Gesetz just während de Guide – a Scoutskativitéite gülteg oder och am Alldag?

"Stick to your Scout promise always - even after you have ceased to be a boy - and God help you do it."
— **Sir Robert Baden-Powell**

« Soyez toujours fidèles à votre promesse même quand vous serez adultes. » Robert Baden-Powell ; Le dernier message avant 1928.

Beim Scoutsgesetz handelt et sech, anescht wéi bei anere Gesetzer, net em eng Virschrëft oder en Zwang. Et gëtt keng Strof, wann een sech net drun hält. Vill méi geet et dorëms, op seng perséinlech Aart a Weis ze probéieren, ëmmer säi Bescht ze dinn an di aner ze respektéieren an ze ënnerstëtzen.

Sech un d'Scoutsgesetz ze hale, wou ee kann, ass e wichtegen Deel vum Verspriechen, dat ee géigeniwwer sech selwer a senge Matmënsche mécht. Dest mécht een offiziell zu



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

engem Member vum Scoutsmouvement, sief et lokal am Grupp, national an der Federatioun oder weltwäit am Scoutismus.

**Schluss :**

Ukommen ob enger besonnescher, flotter Plaz, wou zesummen d'Verspriechensfeier stattfanne wert, wa méiglech ronderem e Lagerfeier.

An dono picknickt, gegrillt, zesumme giess, ... gëtt

**Verspriechensfeier:**

- Lidd sangen (oder lauchteren) ZB „Wou Scouten zesumme sinn"
- Aleedung vum Chef:
  - Bedeitung vum Verspriechen: vollwertege Member vum Verband ginn a d'Regelen a Werter akzeptéieren – probéieren sech selwer weiderzeentweckelen a sech dofier Zieler setzen
  - Fräiwëllegkeet
  - An all Branche eemol, awer di aner sollen och iwwert hiert Verspriechen nodenken, wat ass mer gut gelongen, wou hat ech Schwieregkeeten? Krut ech se iwwerwonnen oder wou fannen ech Hëllef? Sichen ech mer nei Zieler?
  - ...
- Vierstelle vun de Kandidaten, déi haut d'Verspriechе maachen
- Zur Rouh kommen mat engem Lidd oder Musek
- Lauschteren vun engem Ausschnëtt aus dem B.P. sengem Abschiedsbréiw:

*"Liebe Pfadfinder!*
*... Ich liege zwar noch nicht im Sterben, aber der Tag ist nicht mehr fern. Darum möchte ich noch ein Abschiedswort an Euch richten. Denkt daran, dass es meine letzte Botschaft an Euch ist, und beherzigt sie wohl.*

*Mein Leben war glücklich, und ich möchte nur wünschen, dass jeder von Euch ebenso glücklich lebt.*

*Ich glaube, Gott hat uns in diese Welt gestellt, um darin glücklich zu sein und uns des Lebens zu freuen. Das Glück ist nicht die Folge von Reichtum oder Erfolg im Beruf und noch weniger von Nachsicht gegen sich selbst. Ein wichtiger Schritt zum Glück besteht darin, dass Ihr Euch nützlich erweist und des Lebens froh werdet, wenn Ihr einmal Männer (und Frauen) sein werdet.*



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

*Das Studium der Natur wird Euch all die Schönheiten und Wunder zeigen, mit denen Gott die Welt ausgestattet hat. Euch zur Freude. Seid zufrieden mit dem, was Euch gegeben ist, und macht davon den bestmöglichen Gebrauch. Trachtet danach, jeder Sache eine gute Seite abzugewinnen.*

*Das eigentliche Glück aber findet Ihr darin, dass Ihr andere glücklich macht.* ***Versucht, die Welt ein bisschen besser zurückzulassen, als Ihr sie vorgefunden habt.***

*Wenn dann Euer Leben zu Ende geht, mögt Ihr ruhig sterben im Bewusstsein, Eure Zeit nicht vergeudet, sondern immmer Euer Bestes getan zu haben.*

*Seid in dem Sinn* ***'allzeit bereit',*** *um glücklich zu leben und glücklich zu sterben.*

*Haltet Euch immer an das Pfadfinderversprechen, auch dann, wenn Ihr keine Knaben mehr seid.*

*Euer Freund*

*Baden-Powell of Gilwell."*

- Erklärung vun der Symbolik vum Uschloen (cf hei dënner)

- 2 CaraPio halen de Fändel zwëschen sech un. De Chef steet vierdrun a schléit un. De Kandidat stellt sech derhannert, leet di lenks Hand drop a schléit mat der rietser Hand un. Da seet e säin Text vum Verspriechen

- All CaraPio an d'Chef äntweren himm: „Mer verspriechen dech dobäi ze ënnerstetzen." An e kritt vum Chef säi Verspriechensbadge iwwerrecht.

- Wann all Kandidaten hiert Verspriechen gemaach hunn, nach e Lidd als Schluss zB de « Chant de promesse »

- Da mat engem gemeinsame Iessen/Snack ofschléissen

***<u>D'Symbolik</u>***

D'Symbolik spillt bei der Engagementsfeier eng ganz wichteg Roll. Dës muss awer souwäit wéi méiglech erklärt gin.

- Beim "Uschloen" symboliséieren déi dräi mëttelst Fangeren déi dräi Prinzipien vum Verspriechen: (d'Verantwortung vis-à-vis vu sech selwer, vum Mattmënsch, vu Gott): den Daum, deen de klénge Fanger hält, symboliséiert, datt deen Staarken dee Schwaache beschützt.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

- D'Guide/Scoutszeechen ("Uschloen") gët op der ganzer Welt vun de Guiden a Scouten beim Verspriechen - an och emolsoss - gemaach. Et erënnert ais drun, datt mer an alle Länner iwwer 25 Millioune Schwësteren a Bridder hun, déi no deem selwechte Gesetz liewen.
- D'Kandidaten/Kandidatinnen gi nom Versprieche félicitéiert mat der lénker Hand, well dës vum Häerz kënnt. A ville Verbänn as et de Gebrauch, datt d'Guiden/Scoute sech ëmmer mat der lénker Hand begréissen.
- De Krees symboliséiert d'Gemeinschaft ennerenaner: keen as méi oder manner wäert ewéi deenaneren.
- Jidereen, deen d'Verspriechen ofleet oder d'Engagement hëllt, kritt dat entspriechend Verspriechensofzeechen iwwerreecht. Et gët op déi riets Täsch vum Uniformshiem gebitzt



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG